

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Den Här Minister huet viru kuerzem d'Schafe vun enger Plattform annoncéiert, déi änlech wéi Uber soll fonctionéieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Kann den Här Minister weider Informatiounen zu dëser Plattform ginn? Wat sinn d'Conditione fir sech als Chauffeur unzemellen? Wéi eng Zort Offer wäert ugebuede ginn (Ride-hailing, Reservéierung am Virfeld, ...)?*
- *Wäert dës Plattform bestoend Plattformen am Taxisecteur ersetzen? Ass geplangt, dës Plattform an d'Mobilitéits-App z'integréieren?*
- *Wat sinn d'Grënn firwat de Staat esou eng Plattform entwéckelt, amplaz de Secteur selwer?*
- *Wat ass de Käschtepunkt fir dës Plattform ze entwéckelen?*
- *Wéini soll dës Plattform operationel sinn? “*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu